



Merci fir Ären Interesse un eisem Fitness Coaching Center. Am Süde vun eisem Land hutt Dir e grouse Choix am Fitness Beräich. Dofir wëlle mir lech erkläre wat eis ënnerscheet, a firwat Dir sollt AFORM kommen.

Zu Lëtzebuerg ass de Standard am Fitness Beräich eiser Meenung no net héich genuch. De Beruff vum "Fitnesscoach" oder "Personal Trainer" ass net protegéiert a gëtt vum Staat net offiziell unerkannt. Dat ass net nëmmen een enorme Verloscht u Qualitéit. Mee och fir de Client ass et ganz schwéier ze erkennen ob een et mat engem qualifizéierte Coach ze doen huet oder eben net.

Méi bedenklech ass awer, dass de Fitness Centre Verkafszuelen an Ënnerschrëfte méi wichteg gi sinn ewéi d'Resultater vun hire Clienten. D'Qualitéit vum Personal Training ass extrem niddreg, effektiv Trainingsprogrammer si schwéier ze fannen a qualifizéierte Coaching ass ze seele ginn.

AFORM wëll gär d'Léisung fir dës Problemer sinn. Dat ass eis Motivatioun. **Mir schaffen all Dag mat der Gesondheet a mat der Fräizäit vun eise Clienten, an dat respektéiere mir.** Eist Ziel ass et déi beschte Fitness Ariichtung an eiser Géigend ze sinn. Mir hu qualifizéiert Coachen, déi genau "wësse vu wat se schwätzen". Mir schaffe professionell a wëllen eis permanent weider entwéckelen. Eis Trainingsmethode sinn aktuell, an um neiste sportwëssenschaftlechen Stand. Mir ginn eise Clienten alles wat mir wëssen, an alles wat mir kënnen. Dat erhéicht net nëmmen d'Effektivitéit vum Training, mee och Är Chancen op Resultater.

Mir sinn eis awer och bewusst, dass et ëmmer einfach ass ze schwätzen. Sécherlech ass all Coach dovun iwwerzeegt an deem beschte Fitness Center ze schaffen. Wat eis wierklech zum Rescht ënnerscheet, ass eisen individuellen Coaching.

**All Training gëtt gecoacht, a bei eis sidd Dir net nëmmen eng Nummer an eng Ënnerschrëft.** Bei eis ginn et keng frais d'inscription a keng Mindest-Lafzäiten. Am Kader vun engem éischten, perséinleche Berodungsgespréich versiche mir fir all Client déi beschte Strategie erauszefilteren an auszeschaffen. Et ass Äert Ziel an Är Motivatioun déi de Wee virgëtt.

**Wichtig ass, dass Dir Erfolleg hutt.** Mir loosse eis un Äre Resultater moossen. Firwat sollt Dir och trainéiere wann d'Resultater ausbleiwen?

Bei AFORM trainéiere mir individuell an effektiv. A mir si bewusst kee vun deene bëllegste Fitness Centeren. Mir kënnen net den Usproch hunn de beschte Fitness Coaching Center ze sinn, a gläichzäiteg de bëllegsten. Dat ass net méiglech. Eis Präisser si fair. Wann d'Präisser awer Ären Haaptcritère sinn, da sidd Dir warscheinlech net frou bei eis. Schlechte Coaching, keng Qualitéit, keng Flexibilitéit a keng Resultater ginn Hand an Hand mat klenge Präisser a bëllegen Abonnementer. Mee dat ass net eis Philosophie.

**Wann Dir awer onbedéngt Resultater, an eppes erreche wëllt. Wann Dir Wäert op Qualitéit an ee gudder Coaching leet. Wann Dir effektiv, ofwieslungsräich an interessant Trainer gëtt. Dann ass AFORM genau dat richteg fir lech.**

Merci dass Dir eis d'Chance ginn hutt eis virzestellen. Gär hutt Dir d'Méiglechkeet e Rendez-Vous fir e Berodungsgespréich bei eis auszemaachen. Dëse Rendez-Vous ass natierlech käschtefräi. Loosst lech detailléiert erkläre mat wéi enger Strategie Dir wäert Resultater hunn.

Kommt AFORM.  
Jeff Paulus – Manager AFORM s.à r.l.